**Union des Mouvements de Résistance Luxembourgeois**

**UNIO'N**

Croix de Guerre 1939-1945
Croix de la Résistance

sous le Haut Patronage de S. A. R. le Grand-Duc

Président d'honneur :

S. A. R. Monseigneur le Prince de Luxembourg †

# S T A T U T E N

1976

UNIO'N VUN DE LËTZEBUERGER RESISTENZLER,

UNION DES MOUVEMENTS DE RESISTANCE LUXEMBOURGEOIS,

ervirgaangen äus der Unioun, déi den 23. Mäerz 1944 vun de Resistenzorganisatioune "L.F.B.-L.P.L.-L.R.L. an L.V.L." an d'Liewe geruf gouf, a kuurz an de folgenden Artikelen "d'UNIO'N" genannt.
Hir Mêmberszuel deerf net ënner 15 goen.

## I. Sëtz an Dauer

Art. 1. Den Haapsëz as zou Lëtzebuerg, kann awer duurch Beschloss vum Delegéiertecongress no énger aner Uertschaaft verluegt gin. D'Dauer vun der Associatioun as onbegrenzt.

## II. But

Art. 2. D'UNIO'N erstriewt:
a) de Fortbestand vun engem fräien an demokratesche Lëtzebuerg;
b) d'actif Mathëllef um wirtschaftlechen, sozialen, kulturellen an ecologeschen Äusbäu vum Land;
c) eng gesechert Zoukonft fir d'Generatioune déi kommen;
d) d'Erhalong vun der Komrodschaaft an der Solidaritéit vun hire Mêmbere

D'UNIO'N trët an:
a) fir d'Vertriedong an d'Verdeedegong vun all Interessien vun hire Mêmberen;
b) fir d'Rechter an d'Fuerderonge vun de Wittfraen a Kanner vun hire Mêmberen, déi fir d'Heemecht gestuerwe sin.

D'UNIO'N hëlleft mat um Äusbäu vun enger internationaler Resistenzorganisatioun, déi de Weltfridden an d'international Verstännegong erstriewt.

D'UNIO'N trëtt an fir e vereenegt Europa.

## III. Mêmberschaaft

Art. 3. Mêmber vun der UNIO'N kënne gin:
a) déi virum 1. Juni 1944 vereedegt Mêmberen vun der L.P.L., L.V.L. a vun dem L.F.B. an L.R.L.;
b) d'Mêmberen vun aner Resistenzorganisatiounen, déi virum 1. Juni 1944 organiséiert waren. Dës Resistenzgruppen mussen deene Virbedengonge enspriechen, déi mam Nationalcomité vun der Resistenz festgeluegt gin;
c) all aner Patrioten, déi dem Programm vun der UNIO'N voll a ganz zoustëmmen an déi eng Demânde, siew et bäim Sektiounscomité, dem Regionalcomité oder dem Nationalcomité vun der Resistenz areechen. D'Sektiounscomitéën an d'Regionalcomitéën gin d'Demânde, mat hirem Avis, un de Nationalcomité. Bäi jidder Mëssel decidéeirt de Nationalcomité a leschter Instanz.

Art. 4. All Mêmber bezillt eng Cotisatioun déi vum Congress, op Propositioun vum Nationalcomité festgeluegt gët.

Art. 5. All Mêmber, deen de patrioteschen a moraleschen Ufuerderonge vun der UNIO'N net ensprecht, oder seng Cotisatioun net bezillt oder soss ee Akt sezt, deen dem Usinn vun der UNIO'N Schued bréngt oder brénge kann, gët vun der Mêmberlëscht gestrach, siew et op Uregong vum Nationalcomité siew et op Uregong vum Sektiouns- oder Regionalcomité, nodeem datt de Mêmber virgelueden a gehéiert as gin.
Geet d'Uregong vum Sektiouns- oder Regionalcomité äus, dann huet deen a Fro kommende Mêmber Recoursrecht bäim Nationalcomité vun der Resistenz, deen a leschter Instanz decidéiert.

Art. 6. Bäim Austrëtt oder Ausschloss vun engem Mêmber verléiert hien all Urecht un d'Fongen vun der UNIO'N. Hie muss säin Brassard, seng Mêmberskaart a seng Spéngel bäi dem zoustännege Sektiouns- oder Regionalcomité, oder bäim Nationalcomité afliweren a kann duefir kéng Fuerderong stellen.

## IV. Gestioun an Administratioun

De Congress - de Nationalcomité vun der Resistenz - den Aktiounscomité - de Regionalcomité - de Sektiounscomité.

### 1. De Congress

Art. 7. Déi ieweschst Instanz vun der UNIO'N as de Congress, deen wéinegstens eemol am Joer afgehal muss gin. De Congress kann och zesummegeruf gin, wann de Nationalcomité et fir onbedéngt néideg fënnt oder wann 3/4 vun de Sektiounen oder Regiounen et fuerderen. An dësem Fall muss de Congress an Zäit vun 6 Wochen vum Datom un wou d'Fuerderong gestallt gët si D'Invitatioune fir de Congress musse wéinegstens 14 Deeg viräus verschéc gin.

Art. 8. Jidder Mêmber huet d'Recht um Congress deelzehuelen.

Art. 9. De Congress kritt ënnerbreet:
a) de moralesche Rappor vum President;
b) den technësche Rappor vum Generolsekretär;
c) de Rappor vum Tresorier;
a befënnt doriwer.
Hien leet weiderhin, op Propositioun vum Nationalcomité, den Aktiounsprogramm fir d'lafend Joër fest an enscheedt iwer all prinzipiell Froen.

Art. 10. Vum Congress äus gin all Joër 11 Mêmberen an de Nationalcomité gewielt. D'Candidaturen fir dës Mêmberen mussen 10 Deeg virum Congress am Sekretariat vun der UNIO'N agelaf sin.

Art. 11. De Congress bestëmmt eng Commissioun vun de Finanzen vun 3 Mêmberen, déi am Laf vum Joer d'finanziell Gestioun vun der UNIO'N ze iwerwaachen huet an dem geweinleche, jäerleche Congress d'Approbatioun vum Tresorier sengem Rappor virschléit oder refuséiert.

### 2. De Nationalcomité vun der Resistenz

Art. 12. De Nationalcomité vun der Resistenz vun der UNIO'N besteet:
a) äus deenen 11 vum Congress gewielte Mêmberen b) äus je engem Regional delegéierte deen nom Congress vum Regionalcomité delegéiert gët c) äus 1 - 7 cooptéierte Mêmberen.

Art. 13. De Nationalcomité wielt äus senger Mëtt, fir d'Dauer vu sengem Mandat, de President, de Vizepresident, de Generolsekretär an de Tresorier, déi och déi Chargen an der UNIO'N als Ganzt bekleeden.

Art. 14. De Nationalcomité as mat der Leedong vun der UNIO'N befaasst. Hien gët all Kéier zesummegeruf wann néideg, awer wéinegstens dräi Mol am Joër, an deliberéiert gëltech, wann wéinegstens 5 Mêmberen do sin.

Art. 15. De Nationalcomité huet all Pouvoiren, déi net statutegeméiss dem Congress gehéieren.

Art. 16. D'Rappore vum Nationalcomité gin schrëftlech niddergeluegt a mussen ënnerschriwe gin vun deemjéinege, deen d'Sëzong presidéiert, a vum Sekretär.

Art. 17. Wann e Mêmber äus dem Nationalcomité op irgend éng Manéier äusscheed, gët hien ersat, wann et sech ëm een vun deenen 11 gewielten handelt, duurch deen Candidat deen no him déi meeschte Stëmmen hat; wann ee Regionaldelegéierten äusscheed bestëmmt de Regionalcomité e neien Delegéierten.

### 3. Den Actiounscomité

Art. 18. De Nationalcomité kann, fir déi deeglech an urgent Affairen ze liquidéieren, ënner sech en Actiounscomité bestëmmen. De President, de Vizepresident, de Generolsekretär an de Tresorier gehéieren d'office dem Actiounscomité un.

Art. 19. Den Actiounscomité erliedegt déi lafend an urgent Affairen an ënnerbreet dem Nationalcomité d'Resultat vun senger Activitéit.

Art. 20. D'Rappore vum Actiounscomité gin an der nemlechter Form ënnerschriwen wéi déi vum Nationalcomité.

### 4. De Regionalcomité

Art. 21. De Regionalcomité besteet äus 5 - 11 Mêmberen. An dësem Comité hun och Sëz déi Mêmberen, déi äus der Regioun vum Congress an de Nationalcomité gewielt goufen.

Art. 22. De Regionalcomité huet an sengen Attributioune d'Virschléi vun de Sektiounen an den eenzelne Mêmberen duurchzeschaffen, a wann néideg oder vun allgemengem, nationalem oder internationalem Interesse, un de Nationalcomité weiderzegin. Hien suergt virun allem duefir den UNIO'Nsgeescht an d'Krichstraditioun vun der UNIO'N an der Regioun héichzehaler

Art. 23. De Regionalcomité gët presidéiert vum Regionaldelegéierten am Nationalcomité. De Regionalcomité wielt äus senger Mëtt e Vizepresident, e Sekretär an e Tresorier. E Rappor vun senge Reunioune gët un de Natior comité geschéckt.

Art. 24. Eng Vakanz am Regionalcomité gët einfach ersat duurch déi näxt Candidatur. As kéng Candidatur méi fälleg, da bleiwt de Mandat op bis zu näxter Wal.

### 5. De Sektiounscomité

Art. 25. Un der Spëtz vun der Sektioun, déi méiglechst duurch déi administrativ Gemeng begrenzt as; steet de Sektiounscomité, deen all Joër, duurch eng Generolversammlong vun de Sektiounsmêmberen gewielt gët. De Sektiounscomité besteet äus 5 - 11 Mêmberen.

Art. 26. De Sektiounscomité wielt ënner sech e President, e Vizepresider e Sekretär an e Tresorier; hien as dem Regional- respektiv dem Nationalcomité respnsabel fir d'gud Gestioun vun der Sektioun.

### 6. Allgemeng Bestëmmong iwer d'Chargen

Art. 27. D'Chargen vum President, Vizepresident, Generolsekretär an Tresorier an deene verschiddenen Comitéen sin Eierechargen. De Nationalcom as autoriséiert, fir déi lafend Aarbechten ze evaquéieren, eng Bureaukraaft anzestellen, déi no de Bestëmmonge vum Privatbeamtegesetz remuneréiert gët.

## V. Statutenännerong

Art. 28. De Congress, siew et den uerdentlechen oder äuuseruerdentlecher befënnt eléng iwer d'Statutenännerong. All Statutenännerong muss um Ordr du Jour vum Congress stoen, an as ugeholl, wann 2/3 vun de presente Mêmberen sech dervir äussprieche, a wann wéinegstens 2/3 vun de Sektiouner oder Regiounen vertrat sin.
Den Text vun der Statutenännerong muss virum Congress, 14 Deeg voll, am Bureau vun der UNIO'N agelaf sin, anerefalls si net kann op den Ordre du Jour gestalt gin.

Art. 29. Wann 2/3 vun de Sektiounen oder Regiounen net vertrat sin, gët an Zäit vun 4 Wochen en zweete Congress ageruf, deen gëlteg deliberéiert

wann 2/3 vun de presente Mêmbern mat afstëmmen.

VI. Opléisong

Art. 30. D'Opléisong vun der UNIO'N kann nëmmen ënner de Conditiounen, déi vir d'Statutenännerong virgesi sin, virgeholl gin.

De Congress, deen d'Opléisong decidéiert, designéiert 1 oder méi Liquidateuren a sezt hir Pouvoire fest. Den Actif nett vun der UNIO'N gët enger sozialer Institutioun iwerwisen, déi vum Congress, deen d'Opléisong decidéiert, bestëmmt gët.

Lëtzebuerg, den 9. Mä 1976.